N°2481
Entrée le 18.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

D'*Luxembourg Luxtimes* beriicht, dass d'Firma Coinbase, déi am Beräich vun de Kryptowärungen aktiv ass, an den nächste Wochen Operatiounen zu Lëtzebuerg wäert starten:

*"US-based Coinbase is “on track” to get a Luxembourg cryptocurrency provider licence and start operating in the Grand Duchy in the coming weeks, its CEO has told a technology conference in Kirchberg."*

Et ass eng gutt Noriicht fir eis Finanzplaz, wann nei Fintech-Servicer op Lëtzebuerg kommen an hir Servicer zu Lëtzebuerg, an doriwwer eraus an d'EU, ubidden. A vergaangene parlamentaresche Froen an Interventiounen hat ech reegelméisseg op d'Wichtegkeet vu Kryptowärungen fir eis Finanzplaz higewisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Noriicht, dass Coinbase op Lëtzebuerg kënnt?
2. Wéi vill Firmen am Beräich vun de Kryptowärungen sinn aktuell zu Lëtzebuerg ugesidelt? Wéi vill dovunner si Filialen a wéi vill si Mammegesellschaften?
3. Wat fir konkret Schrëtt ënnerhëlt d’Regierung, fir ze garantéieren, datt weider Firmen aus dem Beräich vu Kryptowährungen zu Lëtzebuerg lancéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten